# 1985

## 22.12.1985 Éirung fir déi eelste Leit aus dem Duerf

Eng Delegatioun vum Comité (Hein Gérard, Mme Roger, Steichen Diane, Raguet Michel, Tremuth Fernand) huet sonndes Owes deenen zwee eelste Leit aus dem Duerf eng Planz an e klenge Cadeau iwwereecht, fir si ze éieren.

Et waren dat den Här Barthels Victor (gebueren Januar 1899) an d'Madame Victor Muller (gebueren 1898).

---

# 1986

## 13.04.1986 Aseenung vun der restauréierter Greeff-Kierch

Zwee Mann (Tremuth Fernand an Zambon René) waren vun eisem Comité delegéiert ginn, fir am Organisatiounscomité matzeschaffen. Mir hunn och d'Käschten iwwerholl, fir en Dépliant ze drécken.

Programm :

- 15.45 h : Empfank vum Här Erzbëschof Mgr Jean Hengen an den Éiregäscht bei der Schoul zu Altwis
- 16.00 h : Konzelebréiert Mass mam Här Bëschof vu Lëtzebuerg. Et séngt d'Chorale vu Munnerëf ënnert der Direktioun vum Här Robert Bever ; un der Uergel, den Här Paul Lenert
- 17.00 h : Éirewäin am Festsall vun der Schoul fir all Leit, déi un de Feierlechkeeten deelgeholl hunn.

---

## 20.07.1986 : Äddi fir den Här Paschtouer Hentzen

Op Initiativ vun de Wiisser Leit hat sech en Organisatiounscomité vun alle Veräiner vu Wis zesummegesat, fir déi Feier op d'Been ze setzen.

D'Veräiner schenken dem Här Hentzen e Bild, gemoolt vum Leick Jos no enger Virlag vum Jean-Pierre Koppes : déi al Schoul mat dem Haus « a Stëmpesch ».

D'Leit aus dem Duerf stëften him eng Fotell (Relax).

No der Sonndesmass : Ovatioun virun der Schoul, duerno Éirewäin am Festsall vun der Schoul.

---

## 19.12.1986 Éirung fir déi eelste Leit aus dem Duerf

Geéiert goufen d'Mme Jeanne Muller (88 Joer) an den Här Henri Assel (85 Joer).

---

# 1987

## 19.12.1987 : Éirung : Déi Eelst

Geéiert goufen och dëst Joer d'Mme Jeanne Muller (89 Joer) an den Här Henri Assel (86 Joer).

*Remarque zum Enn vun 1987, dat éischt Gëllend Buch ass voll !*

Domat gët eist éischt Gëllend Buch ofgeschloss.

Fir 1988 fänke mer en nei un.

Dräi Joer Aktivitéit : e ganzt Buch !

Ënnerschrëft : Tremuth Fernand

An deenen dräi Joer hu mer villes erreecht :

- eist Duerf gouf méi schéin :
  - Blummenaktiounen
  - Bacë setzen
  - Botzaktiounen
  - Victor-Hugo-Steen
  - Greeff-Kräiz
- eist Duerf gouf méi lieweg :
  - gemittlech Nomëtteger
  - Duerffester
  - Kleeschen
  - Trëppeltier
  - Theater
  - Éirungen
  - Grillfester
  - Generalversammlungen
- Mir hunn eis engagéiert :
  - Affaire Feidt
  - Tipp
  - Greeff-Kierch
  - Rendez-vousën mat Calteux, Gemeng, Fierschter, Ministèren, Press
- Mir waren 37 mol zesummen fir Comitéssëtzungen.

# 1988

## 06.03.1988 : Iessen

Grad schon wéi d'lescht Joer wollte mer all deenen, déi eis vum Hierscht un gehollef haten, an dat besonnesch beim Theater, merci soen. Beim Bouler gouf gutt giess a gedronk a vill gelaacht a gesongen. Menu : Filet de sole, Prince Orloff, glace, café.

---

## 24.03.1988 : Konferenz iwwert de Bio-Guart

Obschonn hien erkaalt an heess war, ass de Här Aloyse (Viss) Ramponi op Wis komm, fir eis eng Konferenz zum Bio-Guart ze halen. 42 Leit, dovun 28 Wiisser, 14 Auswäerteger an nëmme 6 Membre vum Comité ware komm, fir nozelauschteren.

No enger theoretescher Aféirung huet den Här Ramponi eis un Hand vun Diaën säi Bio-Guart präsentiert. D'Leit hunn dunn och Froen zum Thema gestallt a konnten sech och eng Rei vu Bicher ukucken.

---

## Abrëll 1988 : Memberskaarten

Während dem Mount Abrëll goufen dann och d'Memberskaarten 1988 opgehuewen. Den Tour duerch d'Duerf hu gemat, grad ewéi d'lescht Joer, de President Gerry Hein an de Patrick Hermes. De Succès war och ähnlech wéi d'lescht Joer : 149 Memberskaarten konnte verkaaft ginn.

Am Gëllene Buch ass eng Opzielung vun alle Membren festgehalen.

---

## 17.12.1988 : Éierung vun deenen zwee Eelsten

Fir déi 4. Kéier huet eng Delegatioun vun de Wiisser Leit sech op de Wee gemat, fir déi zwee Eelsten aus dem Duerf ze éieren: d'Madame Jeanne Muller (si huet 1988 hier 90 Joer gefeiert a krut dofir vun eis en extrae Cadeau: eng Stéiluucht fir op den Nuetsdësch) an den Zachen Heng (Assel Henri), 87 Joer.

---

# 1989

## 07.01.1989 : Mass fir den Kohn Ernest

## 18.01.1989 : Mass fir Suzanne Assel-Ourth

## 20.01.1989 : « Friess »

Em halwer aacht war Rendez-vous beim Bouler fir den Apéritif. Dat elo schonn traditionellt lessen zum Schluss vun engem Geschäftsjoer war och dëst Joer geduecht als Merci fir d'Membre vum Comité a vum Theatergrupp fir all déi geleeschten Aarbecht während dem Joer.

Bei guddem lessen (Entrée - Fëschpâté an e Coktail aux crevettes -, Fierkelshämmchen mat Gromperegratin a verschidde Geméisser, Glace a Café) hu mer eis gutt ameséiert bis deen aneren Dag. Eenzelner hunn och nach auswärts weidergefeiert.

## 28.01.1989 : Mass fir Elise Hanten-Hoffmann

## 01.02.1989 : Mass fir Sergio Belacchi

## 04.02.1989 : Mass fir Pierre Wagner

## 07.04.1989 : Mass fir Ernest Kremer

## 08.04.1989 : 1. Tournoi am PingPong

Ganz flott a gutt organiséiert war den 1. Duerftournoi am PingPong vun der Amicale Dëschtennis Altwies.

Eng 20 Amateuren hunn sech duerch e puer Ronnen duerchgeklappt, bis d'Final tëschend Tucci a Gallego gespillt gouf. Gewonnen huet den Tucci.

Wat haten d'Wiisser Leit domat ze don ? Mee d'Wiisser Leit hu kräfteg matgemëscht an si hunn d'Coupe gestëfft (4.079.-Frang).

## 14.04.1989 : Mass fir Marie Stoffel-Molitor

## 22.12.1989 : Besuch am « Wort »

« Was lange währt wird endlich gut ! », sou kéint ee bal soen, well laang hu mer un dëser Aktioun geplangt ; am Mee schonn hate mer e festen Datum, deen dann awer, aus Rücksicht op de Galaconcert vun der Fanfare Mondorf-Altwies fale gelooss gouf.

Déi éischt Idee geet zréck op de Läicke Joss, dee bei eis ugefrot huet, ob mer eng Kéier e Besuch am « Wort » kënnten organiséieren.

Départ war em 18.30 h, 48 Leit haten sech ugemellt a si matgefuer.

Empfaang huet eis den Zeimet Frank, Scheffen vun der Munneräffer Gemeng a Redakter am « Wort ». Hien huet eis dann och op eisem Tour duerch d'Redaktioun, d'Dréckerei, d'Lager, d'Expeditioun asw. déi néideg Erklärunge ginn.

Em halwer 9 si mar dun op d'Kockelscheier an de Centre sportif iesse gaang (op Käschte vun de Wiisser Leit) : Ham, Fritten an Zalot.

Géint halwer 12 goung et zréck an d'« Wort » fir beim Drécken nozekucken. Extra Iwwerraschung : eis Foto, déi gläich am Ufank vun eisem Besuch gemat gouf, war schonn an der neier Zeitung dran. Jidfereen krut dann och eng zeitung vu Chrëschtdag matheem.

Allgemenge Kommentar : Et war ganz flott a ganz interessant.

## 23.12.1989 : Déi Eelst

D'Mme Jeanne Muller an de « Boulettes Jempy » (Jean-Pierre de Valentin) goufen dëst Joer als déi 2 eelsten Awunner vu Wis geéiert.

1. Etapp : bei Starks Marcelly doheem krut de Jempy seng Fläsch a säin Arrangement iwwerreecht. De Jempy wousst sou munnech Spiichten aus der Boulette ze vezielen.

Déi 2. Etapp war, op Wonsch vun der Geéierten, kleng gehalen. Just de President an de Sekretär hunn déi Saach erleedegt.

## 05.01.1990 : « Friess »

14 Leit aus dem Comité haten sech ugemellt fir op déi schonn traditionnell « Friess » zum Schluss vum Joer.

Menu : Saumon, Sorbet, Carré de veau, Galce an Taart, Café.

Wéi ëmmer ass et monter a lëschteg erofgaang.

Eng besonnesch Bedeitung krut dat Iessen dann bei der Ried vum President : Hien huet offiziell ugekënnegt, dass hien op der Generalversammlung net méi wëllt kandidéieren a fir d'nächst Joer aus dem Comité ausscheed.

Och de Sekretär huet op Ufro hin dun seng Absicht bekannt ginn, dass hien demissionnéiert.

Laang Diskussiounen hunn sech dorophin entsponnen. Och de Caissier Putz René wëllt net méi matmaachen. Aner Leit allerdéngs si bereet, « an elo grad, egal wéi » weiderze maachen. Bravo !